

Mardi,
24 mars 2009

respektiv no der Publikatioun am Mémorial. Wat also heescht: Den 1. Januar 2010 wäert dëse CHN dann effektiv a Kraaft trieden, wat dem Gesetz no esou virgesinn ass.

De Moment ass een och schonn amgaang déi eenzel Preparatioune vun der Mise en œuvre ze maachen. An och d'Modalitéiten dervu si kloer festgeluecht, wéi de Budget opgestallt gëtt. De Budget vun 2010 ass och kloer. D'Instrumenter an d'Weeër si festgeluecht, wéi dëse Budget zesumme wäert opgestallt ginn, fir dann och 2010 direkt mat richtigem Élan unzefänken.

Bis dem 1. Januar 2014 ass och festgehal: Am Projet de loi wäert de Conseil d'Administration erweidert sinn duerch zwee Membere vum Conseil médical op där enger Säit, an zwee Vertrieder vun de Personaldelegatiounen.

Dat zum techneschen an zum inhaltleche Volet vun dësem Projet de loi. Erlaabt mer dann nach puer perséinlech Remarquen zu dësem Projet de loi ze maachen.

Dëse Projet de loi, dee mer haut de Mëtteg, wann ech de Rapport an och d'Stëmmung an der Kommissioun gesinn hunn, unanime ugeholl hunn an dann och hoffentlech wäerten unanime stëmmen, ass e laange Prozess, dee gefouert gouf, wou zeg Joren an d'Land gaange sinn a wou effektiv eng ganz Rei vu Leit - an ech war selwer där och een - heiansdo verzweiwelt sinn an een heiansdo gemengt huet dëse Prozess géing net virugoen.

Et huet ee ganz dacks wierklech schwéier Bengelen am Wee fonnt. Et gouf vill Polemik op ville Säite gemaach. Dacks huet ee wierklech gemengt dëse Projet wär gestuerwe gewiescht, an effektiv, d'Kar wär am Dreck stieche bliwwen. Merci un all déi Leit a Gremien, déi all déi Joren - an et ware ganz vill Joren, déi hei hanner eis leien - Asaz gewisen hunn an déi ëmmer un dëse Projet gegleeft hunn, un dës Fusioun zwëschent de Klinike vun Ettelbréck a Wolz.

An éischter Linn sinn dat sécher d'Verwaltungsréit vun deenen zwee, souwuel Ettelbréck a Wolz, mat un der Spëtz hire Präsidenten dem Marc Mohr an dem John Shinn, déi eng formidabel Aufgab an hire Gremien zesumme mat de Memberen aus de Verwaltungsréit geleescht hunn. Derniewent sinn et awer och d'Schäffen- a Gemengeréit vun deenen zwou Gemengen. Hei géif ech virun allem hiweisen op déi exzellent Kollaboratioun mat mengem Kolleeg Deputéierte Jean-Paul Schaaf a sengem Schäfferot vun Ettelbréck, wou mer eng ganz konstruktiv an no vir kuckend zukunftsorientéiert Zesummenaarbecht realiséiert hunn.

Op där anerer Säit och e grouse Merci un déi konstruktiv Zesummenaarbecht vun den Dokteren, vun de Medeziner op där enger Säit, fir d'Ausschaffe vum Concept médical, awer och déi praktesch Klärung vun de Froen, de Verwaltungen an all de Membere, déi an dëse Verwaltunge schaffen, all dem Personal, déi dës Fusioun zënter Jore minutiéis plangen an och de Moment amgaang si lescht Detailer ze maachen an an der Praxis scho gréisstendeels ëmgosat hunn; dem Personal an de Personaldelegatioue fir hir positiv Ënnerstëtzung beim Émsaz vun dësem Projet a virun allem fir hir grouss Dialogbereetschaft an dësem Projet de loi; de Ministèren, an hei virun allem dem Ministère de la Santé, a speziell hei dem Fränk Gansen an dem Mike Schwebag, déi fir dëse Projet zoustänneg waren, an op där anerer Säit awer säitens de Gemengen dem Ministère de l'Intérieur, der Madame Christiane Loutsch, dem Här Marc Leonhard an dem Jean-Lou Hildgen; a virun allem awer zwee, ouni déi dës Fusioun ni hätt kënne realiséiert ginn. Et ass op där enger Säit den Engagement, d'Konzept an d'Planung vum Professor Dokter Schubert, an op där anerer Säit de perséinlechen Engagement vun eiem Gesondheitsminister, dem Mars Di Bartolomeo.

» **Plusieurs voix**.- Ooohhh! Aaaahh!

» **M. Carlo Wagner (DP)**.- Här Schneider, si Wahlen?

(Interruptions)

» **M. le Président**.- Här Minister, loosst Äre Kolleeg Rapporteur hei seng Ausféierungen a Rou maachen.

datt d'Organisatioun an d'Reorganisatioun vun der Administratioun och muss kënne geschéien, fir datt d'Informatik och effikass kann duerno benotzt ginn.

Mir kréien also heimat ganz sécher e groussen Zougewënn u Produktivitéit, sécherlech e groussen Zougewënn u Kompetitivitéit, och fir d'Entreprises, e Gain vu Performance, eng besser Konformitéit zu den Direktiven, déi iwwert de Wee vum Centre Informatique ganz oft an d'Realitéit ëmgosat ginn. Dofir ass dësen Text e wichtege Text, deen eis e gutt Stéck weiderhëlleft. Ech soen all deene Fraktiounen, déi e stëmmen - dat heescht an anere Wieder, hinnen alleguer -, villmools Merci fir d'Ënnerstëtzung.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **Mme la Présidente**.- Merci, Här Minister. Domat kéime mer zum Vote.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Mir hu 60 Jo-Stëmmen, also keng Nee-Stëmm a keng Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par Mme Martine Stein-Mergen), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Raymond Weydert), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spaut (par M. Roland Schreiner);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helmingier (par M. Fernand Etgen), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer zum nächste Punkt, de Projet N°5927 iwwert de Centre Hospitalier du Nord. De Rapporteur, den honorabelen Här Schneider, huet d'Wuert.

11. 5927 - Projet de loi portant création de l'établissement public «Centre Hospitalier du Nord»

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

» **M. Romain Schneider (LSAP)**, *rapporteur*.- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5927 iwwert d'Kreatioun vum Centre Hospitalier du Nord ass selbstverständlech - an dat verstitt Der - e ganz Spezielle fir mech an och fir den Norden a seng Bevölkerung am Ganzen.

De Centre Hospitalier du Nord ass d'Fusioun zwëschent der Ettelbrécker Klinik Saint-Louis an der Wolzer Klinik Saint-Joseph. Dat bedeit engersäits e wichtegt Standbeen an der Spidollandschaft, wou d'Carte hospitalière elo zougeet, an op där anerer Säit eng optimal Gesondheitsversuergung fir de Bierger am Norde vum Land.

Erlaabt mer dëse klenge Rapport an zwee Deeler ze splécken. Den éischten, de reng techneschen, den inhaltleche Rapport, deen Der och konnt liesen op 16 Säiten, an op där anerer Säit meng perséinlech Iwwerleeungen a Remarquen zu dësem Projet de loi.

Dëse Projet de loi gouf déposéiert de 6. Oktober 2008 vun eiem Gesondheitsminister, dem Mars Di Bartolomeo. Den 9. Oktober

2008 huet déi zoustänneg Chamberskommissioun mech als Rapporteur bestëmmt. Mir hunn an der Kommissioun an zwou Sitzungen de Projet de loi duerchgekuckt, déi eenzel Avice gekuckt. Mir hunn de Rapport unanime den 19. Mäerz 2009 an dëser Kommissioun gestëmmt.

Wat ass elo den Objet vun dësem Projet de loi? Et ass engersäits d'Areihung an d'Planificatioun vum Paysage hospitalier, an op där anerer Säit ass et d'Fortféierung vun der Politik vu Synergien a Fusiounen am ganze Land; dat engersäits am Zentrum, am Süden an och elo am Norde vun eisem Land.

D'Fusioun zwëschent Ettelbréck a Wolz eriwwer an de Centre Hospitalier du Nord gëtt de Bierger aus dem Norde vum Land en neie Réseau de couverture, dee méi komplett a méi performant ass, wat d'Services de soins betrëfft. Et heescht och den Ufank vun enger Adaptatioun a Modernisatioun vun den Infrastrukturen, an hei virun allem op dem Site Wolz, déi elo nach mussen a wäerte gemaach ginn.

Ech géif kuerz eng Kéier op den Historique vun deenen zwee Spideeler zrëckkommen, déi haut de Mëtteg am Projet de loi wäerte fusionéieren.

Op där enger Säit d'Ettelbrécker Klinik, déi 1936 kreéiert gouf, d'Klinik Saint-Louis. An den eenzelnen Etappen: 1948 - Hospice civil, an 1963 eng nei Struktur eriwwer bis hin zu 2003. Mäi Kolleeg, de Buergermeeschter vun Ettelbréck, Jean-Paul Schaaf wäert mat Sécherheet nach agoen op de Bau an d'Modernisatioun vun där neier moderner Klinik vun Ettelbréck, déi och haut als eng vun deene modernsten an enge vun deene flottsten an eiser Kliniklandschaft do steet. De Moment huet dëst Spidol 260 Better, 15 Better de Rééducation gériatrique, derniewent 754 Collaborateure mat iwwer 80 agrééierten Dokteren.

Op där anerer Säit hu mer d'Spidol vu Wolz, d'Klinik Saint-Joseph, dat 1937 inauguréiert gouf, 1977 moderniséiert an ausgebaut gouf, a virun allem an den 90er Jore wierklech e flotten Ausbau kritt huet, deen och an d'Zukunft kuckt. Mir wäerten och fir eng Modernisatioun an en Ausbau fir dëse Site um bestehende Site schwätzen an en och realiséieren. Dës Klinik huet 82 Better, 220 Collaborateuren an 23 agrééiert Dokteren.

D'Iddi vum Zesummeschaffe vun dësen zwou Kliniken ass schonn an den 80er Jore gefouert ginn a gouf virun allem 1996 méi konkret duerch eng Convention de collaboration hospitalière. Ënnert dem Impuls vum Gesondheitsminister Mars Di Bartolomeo an deenen zwee Verwaltungsréit, awer och op där anerer Säit de Gemengen, vertrueden duerch hir Schäfferéit, gouf den 21. Mee 2007 eng Lettre d'intention en vue d'une fusion ënnerschriwwen. Dëst war d'Basis fir och wierklech a grouse Schrëtt bei dëser Fusioun virunzekommen.

No der Fusioun besteet de Centre Hospitalier du Nord aus 342 Better a 15 Better de Rééducation gériatrique. Better, déi also och gebraucht ginn am Norde vun eisem Land, an där ganzer hospitalärer Landschaft. E besteet awer och aus iwwer 1.000 Collaborateuren an iwwer 100 agrééierten Dokteren.

De Statut vun dësem Centre Hospitalier du Nord ass e Centre hospitalier régional. E soll op där enger Säit d'Médecine de proximité garantéieren, dat virun allem am Norde weinst de geographeschen an den topographesche Begebenheeten, an op där anerer Säit méi eng pousséiert Spezialisatioun op béide Siten assuréieren.

D'Gemengen Ettelbréck a Wolz, déi bis elo Träger ware vum Hospice civil, wäerten a Zukunft och an de Fonctionnement vum Centre Hospitalier du Nord agebonne sinn. Dat duerch eng Vertriedung - an eng relativ staark Vertriedung - an deem neie Conseil d'administration, dem neie Verwaltungsrot vum CHN.

A wa mer wëssen, datt d'Bevölkerung vum Norde vum Land - dat heescht, vun der Région hospitalière du Nord - de Moment nach eng Steigerung vun iwwer 2% all Joer huet, an also bis d'Joer 2014 wäert 86.500 Habitanten zielen, wäert een an den Taux de couverture de Moment gerechent véier Better op 1.000 Leit hunn. Esou gesi mer, datt déi ablécklech 342 Better séier wäerte bei 346 den absolute Maximum erreecht hunn, an datt elo schonn an d'Zukunft muss geduecht ginn, fir neien Handlungsbedarf ze kreéieren.

Wat zu dësem Projet, wat mer och an der Kommissioun diskutéiert hunn, déi eenzel Avice vun deenen eenzelnen Organisme waren an derniewent och vum Conseil d'État:

- engersäits den Avis vum Collège médical, deen e favorabel gesinn huet an op e rich-

tegen a wichtege Organigramm virun allem op deenen zwee Sitë gepocht huet, wourunner och de Moment nach ganz aktiv geschafft gëtt;

- op där anerer Säit d'Commisson permanente vum Secteur hospitalier, déi och dës Fusioun approuvéiert huet a wou just d'Beermierkung war, datt de Stat relativ schlecht vertruede wär an deem neie CA. Eng Beermierkung, déi allerdéngs vum Statsrot widerluecht gouf, déi eigentlech de contraire gesot hunn an un déi sech och d'Commissioun gehalen huet;

- de Statsrot, dee virun allem op technesch Detailer agaangen ass, wat engersäits d'Siten ubetrëfft, wou en drop gehalen huet, datt keng nei Siten däerfte kreéiert ginn;

- op där anerer Säit huet en zwou Opposition-formellen erabruecht a sengem Avis: deen ee war d'Exclusion supplémentaire vun de Fonctionnairë vun der CNS, dat niewent der Exklusioun vun deene vun der Sécurité sociale; an op där anerer Säit d'Possibilitéit vun der Révocation vun engem Member vum Verwaltungsrot.

Dës Proposition de texte, déi de Conseil d'État am Kader vu sengem Avis gemaach huet, huet d'Kommissioun och esou ugeholl an doduerch also de Remarquë vum Statsrot Rechnung gedroen.

Zum Schluss vun eisen Diskussiounen hu mer nach e Brëif vun der Stad Ettelbréck zougestallt kritt, dee mer och an der Commissioun an och zesumme mam Minister a senge Mataarbechter diskutéiert hunn, dee virun allem engersäits beim Punkt A ëm d'Kadasternummer gOUNg, wou eng Rei Kadasternummere sollten an eng Kadasternummer regroupéiert ginn; an zweetens, d'Affektatioun vum Terrain vum alen Hôpital Saint-Louis. Hei hu mer verwisen, datt dës Problematik soll geléist ginn am Gesetz iwwer soit engersäits de Bau vum Lycée des professions de la santé, oder op där anerer Säit am Kader vun der Konvention, déi jo och an dësem Projet de loi virgesinn ass.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech géif dann eng Kéier kuerz duerch déi Articlele goen, fir ze soe wéi dann elo am Einzelnen de Centre Hospitalier du Nord fonctionnéiert.

Fir d'éischt dann, deen éischten Artikel ass d'Forme juridique. D'Missioun si festgeluecht, awer och de Site vun deem neien CHN, an och d'Forme juridique, wéi gesot, den Établissement public, deen also hei entsteet.

An deenen nächsten Artikelen ass festgeluecht: de Conseil d'Adminstration, wéi seng Zuel ass, wéi en zesummegeat ass, aus wat fir enge Vertrieder. Ech hu jo scho gesot, datt d'Gemege relativ staark vertruede sinn an dësem neien CA. Derniewent ass awer och gewise wéi d'Iwwergangsfelder, déi sougenannte Phase transitoire, solle beim Verwaltungsrot fonctionnéieren. Et sinn awer och ganz kloer d'Aktiounsfelder vum CA definéiert; seng Missiounen, seng Aufgaben an Zukunft.

D'Direktioun vun dësem Établissement gëtt engem Directeur général uvertraut. Dat wäert wahrscheinlech de Professor Dokter Schubert ginn, deen also dësen neien CHN wäert leeden. Seng Assistance wäert op deenen zwee Sitë fonctionnéieren. D'Kreatioun vun engem Conseil de direction gëtt och a Form gesat. D'Wirkungsfelder dovunner ginn an dësem Projet de loi och genau definéiert, genaousou gutt wéi och d'Situation financière bestëmmt gëtt, virun allem och de Startschoss derzou, mä och duerno déi finanziell Ofsécherung vum CHN.

Wat d'Personal betrëfft, ee Punkt, dee virun allem ganz wichteg ass, op dee souwuel vum Verwaltungsrot wéi och säitens de Gemenge gepocht gouf: Ginn integral d'Rechter behalen, fir vun de Kliniken an deen neie Centre Hospitalier du Nord eranzewiesselen oder eranzegoen - wann een et esou wëllt ausdrécken.

D'Hospices civils, déi de Moment bestinn, vun Ettelbréck a vu Wolz, wäerte mam Akraafttriede vum Gesetz dissous sinn, also opgeléist sinn, bis d'Clôturë vun deenen eenzelnen Exercicë gemaach sinn. Wou nach eng Rei Exercicen opstinn, wäerte se viru bestoen. Duerno wäert dann och gekuckt gi wou déi eenzel Solden, déi do sinn, hi wäerte goen, engersäits an déi eng Struktur eran an anersersäits zrëck an d'Gemengen, déi jo bis elo de Gérant, de Patron souzoe vun den Hospice-civile waren.

Wat d'Terrainë betrëfft, ass kloer geregelt, datt dës Terrainen all wäerten zrëckgoen an de Besëtz vun de Gemengen, déi si duerno erëm iwwer ee Bail emphytéotique fir 99 Joer wäerte weiderginn un de CHN.

Dëst Gesetz wäert a Kraaft trieden den 1. Januar nom Vote vun dësem Projet de loi

» **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir wësst, dass ech ëmmer dat maache wat Dir sot.

» **M. le Président**.- Dat wier natierlech ganz schéin, wann et esou wier.

(*Hilarité*)

» **M. Romain Schneider** (*LSAP*), *rapporteur*.- Här President, si all wäerten hiren Asaz net bereien, well d'Bevölkerung weess hinnen dës Approche héich unzerechnen, an elo schonn, a wäert spéider nach méi d'Virdeeler vun dëser Fusioun, vun dësem nei geschafene CHN gesinn.

Fir Ettelbréck heescht dat nach méi eng effikass Bettebeleeung an Offer un d'Servicer, awer och nach méi eng wäit Patientenerreechbarkeet. Fir Wolz bedeit dat carrément den Erhalt vun der Wolzer Klinik, dat heescht, fir déi héich Nordregioun e Spidol an hirem Raum, fir d'Wirtschaft vu Wolz an Émgéigend keen zousätzlechen negative Schlag, mä nei Perspektiven, a speziell fir d'Beschäftegung, d'Ofsécherung vun 250 Aarbechtsplaze fir Personal an Dokteren.

Zum Ofschloss geet mäi Wonsch dohinner, datt mer an dëser Chamber, wéi scho gesot, dëse Projet mat grousser Majoritéit stëmmen, fir eis Cartographie hospitalière méi komplett ze maachen, an un d'Regierung, datt de Projet de modernisation fir dat aktuell Spidol zu Wolz - dat de Konzept mat de Kolleege vun Ettelbréck ausgeschafft huet an och wierklech da soll Centre Hospitalier gerecht fonctionnéieren an esou a Stand gesat ginn - an deenen nächste Wochen am Regierungsrot och gréng Luucht kritt, datt och dëse Projet de modernisation ka gemaach gi fir dës Investor, déi dringend noutwendeg sinn, fir och wierklech e Copy/paste vun de Raimlechkeete vum Ettelbrécker Spidol ze kréien, ze realiséieren. Ech sinn iwwerzeegt, datt de Gesondheitsminister mat senger Equipe an der Regierung dëse Wee, grad elo an den Zäite wou d'Regierung ugekënnegt huet Investissementer ze maachen, wäert matgoen.

Zum Schluss, Här President, géif ech dann am Numm vu menger Fraktioun, der LSAP, der Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei, mäin Accord zu dësem Projet de loi ginn.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Au vote!

» **M. le Président**.- Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Député-maire Jean-Paul Schaaf.

» **M. Jean-Paul Schaaf** (*CSV*).- Här President, loosst mech fir d'éischt, dat passt elo gutt hannendrun, dem Rapporteur Merci soe fir säin explizite schrëftlechen a mëndleche Rapport. Grad wéi de Rapporteur sinn ech selwer och staark implizéiert an dëse Projet. Mir sinn allenzwee involvéiert, vu dass mir allenzwee un der Spëtzt si vun deenen zwou Gemengen, deenen hir Klinikinfrastrukturen haut sollen zesummegeleucht ginn. Mir gi se also e bësselchen aus der eegener Hand eraus, fir se an eng nei Hand ze ginn a fir se an eng gemeinsam Zukunft ze féieren.

Ech hu mer d'Fro gestallt, ob et gutt wier, wann een esou beträff ass, fir hei ze schwätzen. Mä ech mengen awer, et geet mir e bësselche wéi dem Romain Schneider, wann een an där Zäit virdru vill Suergen, Réuniounen, Diskussiounen, engagéiert Etappen an der politescher Viraarbecht zu dësem Projet hat, da géif ee sech e bësse virkommen, wéi wann een am leschte Moment d'Gebuertshëllef vun dësem Kand géif verweigern. Dat soll een net maachen, dat wëll een och net maachen, duerfir mengen ech ass et awer gutt fir hei e puer Wuert ze soen. Ech wëll dat och e bësselche mam Brëll vun der Ettelbrécker Säit maachen.

Mir stëmmen haut eng Fusioun vun zwou Spideeler, a wann een am Larousse bliedert, dann erkläert sech do de Virgang vun der Fusioun als eng Réunion vun zwou oder méi onofhängege Gesellschaften, déi hir eegen Identitéit opgi fir eng nei ze schafen, a wouranner se hire Patrimoine iwwerféieren. Dräi wichteg Donnéeën: eegen Identitéit opginn, eng nei Identitéit schafen an den eegene Patrimoine doranner iwwerféieren.

Dat gesäit sech einfach un, aus zwou Hospices civils maache mer een Établissement public. Et ass e Projet, deen eigentlech fir de Stat ouni Käschten ass. Et ass een, deen den Accord vun deenen zwou Gemengen huet, vun den zwou Kliniken, vun der Gesondheetskeess, vum Gesondheitsminister, vum Statsrot, vum Collège médical an allen aneren involvéierte Gremien. Et kéint een also soen: „Au vote!“

Mä, léif Kolleege, well et awer d'Endresultat vun engem laange Prozess an den Ufank och erëm vun engem anere laange Prozess ass, ass et awer mengen ech wichteg fir an e puer Wieder drop anzegoen. De Rapporteur huet et gesot - dat iwwersprangen ech -, virun 73 Joer ass am Landesnorden déi éischt Klinik, chirurgesch Klinik, gegrënnt gi vum Dokter Charles Marx zu Ettelbréck, dee säi Privatverméigen deemools investéiert huet, fir dass dat soll a kënne Realitéit ginn.

Déi Klinik ass 1948 vun der Gemeng Ettelbréck als Hospice civil iwwerholl ginn. Vun deem Moment un hate mer also en Hospice civil. Et huet séier missen en Neibau geplangt ginn. Deen ass 1963 gemaach ginn, a vum ursprüngelech 48 ass et op 142 Better komm, duerno 183 Better, 288 Better, an dat Gebai aus dem Joer 1963 ass am Moment amgaangen ofgerappt ze ginn. Dat ass also geschwéi Geschicht, dann ass dat fort zu Ettelbréck.

Déi nei Klinik, vun där mer zu Ettelbréck schwätzen, also den Hôpital Saint-Louis, fir se kuerz ze beschreiwen, ass am November 2003 a Betrib gaangen. An deem Haus ginn all medezinesch Fachrichtungen, ausser déi national, ugebueden. Dat huet, an de Romain Schneider huet et gesot, en héije Standard, huet eng exzellent nei Infrastruktur, motivéiert an engagéiert Mataarbechter, gutt Dokteren an huet sech an där kuerzer Zäit, wou et besteet, eng ganz gutt Renommée am Land gemaach.

Den Hôpital Saint-Louis, fir 647 équivalent temps-plein Posten ze besetzen, rekrutéiert en haut 765 Mataarbechter. Vu dass mer all déi Wiesselen do hunn, an de mi-temps an esou weider, sinn et der elo 765 Persounen, bal 100 agréiert Dokteren, 260 Akut-Better ass gesot ginn, plus 15 Better Rééducation gériatrique, plus awer eigentlech och nach zwielef, déi zielen net als Better, mä zwielef Hôpital de jour. Mir kommen also insgesamt op 287 Better, wann een et esou kuckt, an d'Klinik hält de Moment an der Auslaaschtung de Rekord am Land mat enger Bettenauslaaschtung vun iwwer 85%. Ech soen dozou herno nach e puer Wuert.

Den Hôpital Saint-Louis ass fir Ettelbréck de gréissten Employeur, domadder e wichtige Wirtschaftsfacteur, an dréit wierklech am positivist Sënn vum Wuert zur Identifikatioun vu senger Heemechtsstad bäi. Duerch deen Hôpital Saint-Louis an och de CHNP ass Ettelbréck e Gesondheitsstanduert vu regionaler, voire nationaler Bedeitung.

Et ass och remarquabel a flott et eng Kéier kënnen ze soen: Vun de 765 Ugestellte wunnen der eleng 156 zu Ettelbréck, a souguer 45% am Kanton Dikrech. Mir hu 85% Résidenten, déi do schaffen, a just 15% Frontalieren, an déi kommen nach quasi allequerten aus dem noe belschen an däitsche Grenzgebitt a sinn domadder och e Garant duerfir, dass lëtzebuergesch iwwerall an deem Haus verstanen a geschwat gëtt.

Déi Ettelbrécker Leit, a besonnesch déi Ettelbrécker Gemeng ass houfreg op dat Haus, op seng gutt a kompetent Féierung, an och op déi gutt an exzellent Gesondheetsversuergung, déi vun den Dokteren an dem Personal geleescht gëtt. A wann een dat esou kuckt, da kann ee sech froen: Wann dat alles esou gutt fonctionnéiert, firwat soll een dann elo eng Fusioun maache mat Wolz?

Den éischte Grond mengen ech ass deen, dass déi Fusioun op der Noutwendegkeet fousst, déi aktuell 342 Better am Landesnorden ze erhalen, ze stäerken an derfir ze suergen, dass méiglechst no bei de Leit eng gutt Gesondheetsversuergung geschitt. Ettelbréck kann den Norden net ouni déi 82 Better vu Wolz ofdecken, a Wolz kann net ouni e méi grouse Partner weiderbestoen; de Rapporteur huet et selwer gesot. Dorausser ergëtt sech eng gemeinsam Verantwortung fir de ganzen Norden, där déi béid Partner mat dësem Projet nokommen.

Den zweete Grond, dee läit an der Noutwendegkeet vun engem partnerschaftleche Mateneen am Spidolsberäich. Konkurrenz ass hei falsch op der Plaz. Et läit eigentlech op der Hand, wann déi iewesch Norm d'Gesondheet an d'Sécherheet vum Patient ass, dann ass et eng moralesch Verpflichtung Synergien anzegoen, déi dësem Zil dëngen. Bei enger Medezin, déi ëmmer méi technesch, méi deier, méi spezialiséiert gëtt, an och bei Patienten, déi ëmmer méi

mobil ginn, ass et kloer, dass kee méi alles op all Plaz kann ubidden.

En drëtte Grond ass, dass déi national Gesondheetspolitik d'Kliniken derzou ugehale huet entweder ze kollaboréieren, fir Kräfte an Gelder sënnvoll anzesetzen, oder awer fir ze fusionéieren. De fréiere Minister Carlo Wagner huet dës Richtung virginn, an den aktuelle Gesondheitsminister huet déi Klack nach vill méi haart gelaut.

E leschte Grond fir dës Fusioun, an eigentlech och deen, deen et iwwerhaupt méiglech gemaach huet, dat ass deen, dass déi responsabel Leit an deenen zwou Direktiounen, an den zwou Verwaltungsreite, bei den Dokteren a beim Personal, an och an de Gemengeréit sech all dës Argumenter zu eege gemaach hunn, hir Energien zesummegeat hunn, Viruerteeler hanner sech gelooss hunn an dësen Défi mat ganz vill Asaz ugaange sinn.

Et ass awer net fir d'éischt, de Romain Schneider huet dat och gesot. 1996 gouf et eng Synergie, e Kooperatiounsofkommes tëschent den zwou Haiser, allerdéngs awer eng Form, déi sech net als robust an zukunftsfaeg erweisen huet. Si ass am Joer 2000 gekënnegt ginn, esou dass eigentlech déi Hypothees vum Dësch war, an da bleiwen der zwou: Entweder et bleiwen zwou onofhängeg Haiser, oder et kënnst zu enger Fusioun.

Et ass d'Fusioun, déi gewielt ginn ass, an déi eben den 21. Mee mat där Lettre d'Intention ënnerschrifwe ginn ass, de Startschuss also fir an eng nei Richtung ze goen. Net déi einfachst Richtung, an duerfir och eng, déi e ganze Koup Hürden huet missen huelen. Ech wëll der e puer ernimmen, ouni awer an den Detail ze goen.

D'Fro beispillsweis vun der juristescher Struktur huet sech gestallt. Et stoung zur Debat eng Fondatioun, e Syndikat oder en Établissement public ze schafen. Den Innenminister selwer huet sech dësem Dossier ugehall an ass och op d'Plaz komm, fir Ried an Äntwert ze stoen.

D'Fro vun der finanzieller Responsabilitéit fir d'Gemenge war ze klären. Dëse Sujet ass, besonnesch nodeems d'Klinik vun Nidderkuer déifrou Zuele geschriwwen huet, ganz sensibel diskutéiert ginn. Mir hunn allerdéngs d'Chance eng vrsiichteg a korrekt Féierung vun der Kontabilitéit kënne virzeweisen, mat positive Resultater a strengem Respekt vun de budgetäre Regeln, esou bëssen nom Motto: „Gutt Leit, gutt Resultater“.

D'Froe vun de Rechter vum Personal, vun der Sécherheet vun der Aarbechtsplaz a vun der interner Organisatioun hu sech gestallt. D'Dokteren hunn Iwwerleeunge missen ustellen, fir en Accord ze fannen iwwert déi medezinesch Servicer an iwwert déi Acten, déi an der Zukunft wou, wéini a vu wem an ënner wéi enge Konditiounen kënne gemaach ginn.

En éischt Grondraaster fir esou en Zukunftskonzept fir déi medezinesch Versuergung am Norden huet missen erstallt ginn, am Respekt vum Plan hospitalier. D'Fro vun der Zesummenaarbecht respektiv vun der Fusioun vun de Personaldelegatiounen, vun de Conseils médicaux, vun den Dokteren an hire jeeweilige Fachdisziplinnen huet sech gestallt. D'Fro vun de Responsabilitéite vun der Direktioun vun deenen zwou Haiser huet missen enger Léisung zougefuert ginn. Dorunner war och d'Fro vun der Besetzung vun dëse wichtigen Direktiounsposten ze klären.

D'Verwaltungsreite an déi zwou Gemengen hu sech missen eenegen iwwert déi zukünftige Zesummesetzung vum neie Verwaltungsrot. Well déi zwou Gemengenhospicen elo aus de Gemengen eraus an eng eegestänneg Institutioun iwwerginn, huet missen diskutéiert a gekläert ginn, wéi et mat de Verpflichtungen, de Scholden an den Avoiren ass.

Déi zwou Gemengen hu missen eng Konvention mat de Kliniken aushandelen iwwert d'Notzungsrechter vun de gemengeneegenen Terrainen. Déi zwou Kliniken hunn Informatik, finanztechnesch Organisatioun, Kontabilitéitsmechanismen openeen ofzestëmmen. D'Gestioun vun de Better, d'Telefonszentral an esou weider an esou fort sinn alles Chantieren, déi ugaange sinn.

An all dës Chantiere komme bei sou enger Fusioun zu den normalen Aktivitéite vun den Haiser derbäi. Duerfir wëll ech op dëser Plaz alle Bedeelegten aus deenen zwou Haiser wierklech en ausdréckleche Merci soe fir hiren Engagement, hiren Asaz, eigentlech och hir Verbassenheet, dat alles zu engem gudden Enn ze bréngen, a letztlech och e bëssen e Merci soe fir hiert Vertrauen an d'Politik.

Wa mer haut dëse Projet de loi stëmmen ass also de Grondsteen geluecht, fir dass nom 1. Januar 2010 d'Klinike vun Ettelbréck a Wolz an enger neier juristescher Struktur opginn.

En Établissement public ass déi besser Form wéi zwou Hospicen. Den Hospice civil ass eng juristesche Form, déi eigentlech ni geduecht war fir esou eng grouss Struktur ze gëieren. Et ass eng Form, déi geduecht ass fir Gemengenaufgaben ze erfëllen. Regional an national Gesondheetsversuergung ass keng reng Gemengenaufgab. Doniewent ass et och net méiglech aus zwou Hospices civils een Hospice civil op zwou Sitë vun zwou Gemengen ze maachen.

Am Verwaltungsrot vum neie CHN ass eng Gewiichtung gewielt ginn, déi eigentlech der aktueller Relatioun tëscht den zwou Haiser entsprecht. Siwe Membere gi vun Ettelbréck, véier vu Wolz, ee vum Minister, ee jeeeweils vum Personal a vum Conseil médical genannt. Do dernieft ass de Commissaire aux hôpitaux, wéi elo och schonn, ee Gaascht, dee gäre gesinn ass am Verwaltungsrot.

Ech sinn och scho gefrot ginn, op déi Opdeelung net esou wier, dass Wolz als klengt Haus géif vun Ettelbréck dominéiert ginn. Dorop kann een eigentlech just äntwerten, dass et an der Zukunft deen Ennerscheid net méi gëtt tëschent Ettelbréck a Wolz, tëscht deem engen an deem aneren Haus. Et gëtt een Haus, et gëtt eng Institutioun, et gëtt een Träger, et gëtt ee Patron mat enger Responsabilitéit fir déi zwou Siten. Déi eegen Identitéit opginn, eng nei Identitéit schafen. Et ass dat, wat hei geschitt a wat hei muss geschéien, a wann een d'Aarbechten am Detail kuckt, déi amgaange sinn, da mierkt een, dass dat och esou emfonnt gëtt.

Dann ass et nach vläicht wichteg ze soen, dass och all d'Rechter vum Personal erhalte bleiwen, déi ginn eent zu eent ëmgesat an eent zu eent och vum neie Patron iwwerholl. D'Fusioun brauch allerdéngs nach d'Bereetschaft dat Wëlzer Haus ze moderniséieren, et ass och gesot ginn, d'Pläng duerfir sinn erstallt, d'Detailer bleiwen ze klären, awer et geet net ouni dësen Invest, Här Minister.

D'Fusioun brauch och nach en definitiivt medezinescht Konzept. A graffen Zich ass et kloer, dass, fir et einfach auszudrécken, déi méi schwéier medezinesch Acten, déi zum Beispill eng Réanimatioun verlaangen, zu Ettelbréck ausgefuert ginn, an de Site Wolz als Hôpital de proximité méi eng breet Palette vu liichte Servicer opféilt. D'Fusioun wäert op dësem Plang eng Zukunftsvisioun entwëckelen, bei där de Patient aus dem Norde ganz sécher den éischte Gewënnner ass.

Eng Zukunftsvisioun, déi kënnst awer net laanscht déi lescht Feststellung, déi ech ofschléissend hei awer nach wëll maachen. Déi zwou Kliniken, et ass gesot ginn, déi hunn zesummen 342 Akut-Better. Laut Plan hospitalier solle mer net ënnert déi Grenz vu véier Promill falen - de Romain Schneider huet d'Chiffere genannt -, fir ze soen, mir sinn do haart un der Grenz.

Elo ass et awer esou, dass an der Realitéit d'Patiente sech net esou behuelen, wéi de Plan hospitalier dat virgesäit. Dee Plang huet nämlech d'Bettenzuelen esou geplangt, dass d'Anzuchsgebitt vun der Ettelbrécker Klinik zu Colmar-Bierg opféilt, an déi Leit, déi südlech vu Colmar-Bierg wunnen, eigentlech net méi gezielt gi sinn, fir d'Bettenzuel am Norden ze definéieren, mä gezielt gi sinn, fir d'Bettenzuel am Zentrum vum Land ze definéieren.

Elo ass et awer esou, dass 15% vun de Patienten, haut aus dem Hôpital Saint-Louis, aus dem Mierscher Kanton kommen, an domadder eigentlech e Patientewonsch hunn, dee seet, do ass et fir mech méi no, do ass eng Qualitéitsmedezin déi ech mer siche ginn. Eigentlech eppes, wat een am Kontext vum libre choix jo net anescht ka maache wéi respektéieren. D'Auslaaschtung vun der Klinik ass doduerjer esou, dass mer bei 86% Bettebeleeung leien, dass d'Patienten dacks laang Waardezäiten oder souguer an Ausnahmefäll och alt emol en Transfert an eng aner Klinik müssen op sech huelen.

Och wann also an der noer Zukunft méi Medezin zu Wolz fir méi Patientene ka gemaach ginn, an och méi ambulant wäert kënne behandelt ginn, wäert et awer mëttelfristeg net duergoe mat der aktueller Zuel vun den Akut-Better am Norden. Dat ass ëmsou méi de Fall, wann deen ablécklechen a relativ staarke Bevölkerungswuesstem unhält. Duerfir wëll ech hei dem nächste Gesondheitsminister - et kéint jo sinn, dass en heibannen ass - soen, dass mer mengen, dass dee Plan hospitalier, dee fir 2014 ze erstellen ass, eigentlech eng Äntwert muss ginn op dës Problematik. An dës Äntwert muss

dem Usproch an de Besoinë vun de Mën-schen am Norde gerecht ginn.

Et géif nach vill Detailer zu dësem Projet ze soe ginn, ech wëll et awer heibäi beloossen. Déi vill Detailer an déi vill Erausfuerderun-gen, déi an dësem Projet stiechen, déi iw-verloossen ech mat ganz vill Vertrauen de Verwaltungsréit, dem Generaldirekter, dem Professer Schubert a sengen Direkteren, dem Fleegepersonal, den Dokteren, de Per-sonaldelegatiounen an dem gesamte Per-sonal, den zwou Gemengen an och dem Gesondheitsministère.

Dëse Projet ass e wichtegt Stéck Sécherung vun der Gesondheetsversuergung am Nor-den, a vum Norden. D'CSV-Fraktioun steet hannert dëser Fusioun a gëtt och duerfir hir Zoustëmmung.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Schaaf. Den honorabelen Här Etgen huet elo d'Wuert.

» **M. Fernand Etgen (DP).**- Här Presi-dent, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Fusioun vun de Klinike Saint-Louis vun Ettelbréck a Saint-Joseph vu Wolz ass d'Suite vun engem Prozess, deem d'Demokratesch Partei mam Spidolsplang, ënnert dem Impuls vum deemolege Gesondheitsminister Carlo Wagner, entscheidend an d'Wee geleet huet, an duerno ëmmer erëm gefördert huet.

D'Kooperatiounen an d'Fusiounen an der Regioun solle mat als Haaptzil zu enger besserer medezinescher Qualitéit bäidroen. Fir den Norde bedeit déi nei Struktur nach eppes méi: De Bierger aus dem Norden e gläichwäertige Service ubidden, wéi dat fir den Zentrum an de Süden de Fall ass. De Spidolssecteur ass domadder eng vun deene weínegen Déngschtleeschungen, wou d'Nordiste mam Centre Hospitalier du Nord eng Struktur zu hirer Verfügung hunn, déi den nationale Qualitätsstandardë ge-recht gëtt.

Eppes däerfe mer net vergiessen: De Ge-sondheetsservice ass e Service de proxi-mité a muss ëmmer e Service de proximité bleiwen. Et kann een hei aus eisem Wahl-programm zitieren: „Moderne Krankenhäu-ser in allen Regionen des Landes. Die DP wird auch in Zukunft dafür sorgen, dass al-len Bürgern Krankenhäuser in ihrer Region zur Verfügung stehen. Die Fusionen und Kooperationen, die die DP in der Vergan-genheit maßgeblich durch den so genann-ten Spitalplan gefördert hat, haben zu mehr Qualität im Krankenhauswesen geführt. Dieser Prozess der konsequenten Modernisie-rung und auch Kompetenzaufteilung in den Regionen wird weiterhin von der DP beglei-tet und unterstützt werden.“

Wat d'Moderniséierung vun eise Spidolsin-frastrukture betrëfft, esou muss ënnerstrach ginn, dass an där leschter Legislaturperiod ënnert dem Impuls vum Carlo Wagner im-mens Effortë gemaach goufe fir dee Retard opzehuelen, dee sech a 15 Joer sozialis-tesche Ministeren an deem Beräich accu-muléiert hat.

(Interruptions)

» **Une voix.**- Aha!

» **M. Fernand Etgen (DP).**- Duerch een un d'Realitäten an d'Besoinen ugepasstent an iwwerschafft Finanzíierungsgesetz si fi-nanziell Mëttele virgesinn, fir dass eis Spidolsinfrastrukturen deenen neie Standar-den...

(Bouhaha général)

...kënnen gerecht ginn.

Esou ass duerch d'Gesetz vum 19. Dezem-ber 2003 de Montant fir den Neibau vum Et-telbrécker Spidol op 95.960.383 Euro erop-gesat ginn. Ee Chiffer, dee mer eréischt viru kuerzem hei op 98.395.382 adaptéiert hunn.

(Coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.**- Den Här Gesond-heitsminister an de fréiere Gesondheitsmi-nister solle keng Zwëschen-discoursen hei féieren, wann den Här Etgen hei ausféiert, wat seng lwwerzeegunge sinn.

» **M. Fernand Etgen (DP).**- Merci, Här President.

» **M. Carlo Wagner (DP).**- Et ass awer esou flott, Här President. Et ass awer esou flott!

(Interruption et hilarité)

» **M. le Président.**- Här Minister!

» **M. Fernand Etgen (DP).**- Fir d'Wël-zer Spidol woren awer 376.436.000 Frang virgesinn. Dat si ronn 9,4 Milliounen Euro, e Montant awer, dee bis haut nach net no uewen adaptéiert ginn ass.

Elo ass et awer esou, dass d'Wëlzer Spidol, mat deem sech d'Leit aus der Regioun ganz staark identifizéieren an dat jo als Hôpital de proximité fir Basisdéngschter weider soll erhalte bleiwen - wat mir als Demokratesch Partei absolut begrüissen -, awer a puncto Komfort net onbedéngt um leschte Stand ass. Och wann d'Fusioun mat Ettelbréck an deenen doduerch hoffentlech entstoeende Synergien dem Wëlzer Spidol wäert zegutt-kommen, muss gekuckt ginn, dass dëst net eng Kategorie ënnert deenen anere Spidee-ler am Land wäert leien.

Hei misst de Stat eventuell en Effort maa-chen, fir dass och d'Spidol zu Wolz kann a puncto Komfort mam Rescht vum Land mat-halen.

Här President, de Rapporteur, de Kolleeg Romain Schneider, huet d'Virdeeler vun dë-ser neier Struktur a sengem engagéierte mëndleche Rapport kloer a prezis ëmrass. An ech wëll him ausdrécklech Merci soe fir säi schrëftleche wéi och säi mëndleche Rapport. An dëse Merci aschléisse wëll ech och d'Presidenten an d'Membere vum Conseil d'Administration vun deenen zwou Kliniken, déi an engem éirenamtleche vir-bildlechen Engagement, awer och op eng absolut professionell Aart a Weis de Wee fräi gemaach hunn, fir dëse wichtige a richtige Schratt ze goen.

» **Une voix.**- Très bien!

» **M. Fernand Etgen (DP).**- Generell gëtt ëmmer gesot, bei enger Fusioun geet ëmmer een drop. Abee, dës generell Maxim trifft net op eng Fusioun am Spidolswiesen zou. Hei ginn all Partner an eng gemeinsa-m „win-win“-Strategie agebonnen, wou jidder-een eppes dervun huet: d'Dokteren, d'Per-sonal a virun allem d'Patienten. A grad op d'Patiente kënnt et un.

De Site Ettelbréck ass Garant, dass ron-derëm d'Auer, 365 Deeg am Joer enga-géiert a kompetent de Leit aus dem Norden déi beschtméiglech medezinesch Betreiung ugebuede gëtt, an dat a vollem Respekt vu Mënscherechter, dem Respekt vun der In-timsphär an der Würd vum Patient. Zu Ettel-bréck geschitt dat an enker Partnerschaft tëschent Dokteren, Personal an Administra-tion mat engem staarke perséinlechen En-gagement vun alle Mataarbechter a Partner. Zu Ettelbréck ginn déi méi spezialiséiert In-terventionen am Norde vum Land ge-maach. Déiselwecht Berufsethik fanne mer zu Wolz am Proximitéitszenter, wou weider gängeg Operatiounen a Servicer, beson-nesch awer déi, déi mat den Aen an den Queren ze dinn hunn, offréiert ginn.

Meng Virriedner hunn op déi ekonomesch Bedeitung vun de Klinikstrukture fir hir res-pektiv Gemengen higewisen. Si hunn ënner-strach, dass hei Aarbechtsplazen ofgesé-cher't ginn. All deem kann ech nëmmen zoustëmmen a soen, dass dëse positiven Nidderschlag sech awer net nëmmen op Et-telbréck a Wolz auswirkt, mä och een im-mensen Impact op d'Nopeschgemengen an domadder op déi ganz Nordregioun huet.

Här President, wann esou vill Positives ze vermelden ass, musse mer oppassen, dass eis vu lauter Bewonnerung de Mond net opstoe bleibt a mer vergiessen, déi medezi-nesch Versuergung am Éislek laangfristeg ofzesécheren.

Fakt ass, dass d'Zuel vun de Better op 260 plus 82, also am Total 342 plafonéiert ass, an d'Zuele si schonn e puer Mol hei rele-véiert ginn. Fakt ass och, dass duerch d'De-zentralisatioun vun der Psychiatrie Better verluer gaange sinn. De Moment hu mer zu gewësse Perioden eng quasi 100%eg Aus-laaschtung vun der Capacitéit, besonnesch zu Ettelbréck am Spidol. Eng konsequent Qualitätsverbesserung muss all Waardezäi-ten eng kloer Ofso ginn.

Fakt ass och, dass am Kader vun den Dis-kussiounen iwwert d'Landesplanung a be-sonnesch bei den Nordstaddiskussiounen et d'Zil vun der Politik ass, fir dem Pendler-zeenarion entgéintzewierken an den Awun-nerzeenarion ze favoriséieren, d'Bevölkerung am Nordstadraum vun 21.000 op 30.000 soll uwuessen. Fakt ass weider, dass och an de ländleche Gemenge vum Norden d'Bevölkerung staark an d'Luucht geet.

Fakt ass och, dass zum Einzugsberäich vun der Ettelbrécker Klinik an der Tëschenzäit bal de ganze Mierscher Kanton gehéiert, wéi de Kolleeg Jean-Paul Schaaf et richte-ger- a wichtigerweis relevéiert huet. Et gëllt, elo schonn dëse Considératioune Rech-nung ze droen a beim nächste Spidolsplang d'Diere vun enger Capacitéitserweiderung opzemaachen. Besonnesch um Site Ettel-bréck gëllt et, e Konzept auszeschaffen, fir Terrainen ze reservéieren, fir e méiglechen Ausbau kënnen ze realiséieren.

Här President, wa mer aus der Nordstad eng Hauptstadt fir den Norde wëlle maa-chen, wa mer et eescht menge mam IVL,

wann d'Dezentraliséierung d'Zil vun eiser landesplanerescher Approche ass, musse mer d'Offer vun den Déngschtleeschtings-servicer upassen, ëmgestalten a virun allem ëmmer dezentraliséieren.

Mir musse virun allem d'Infrastrukture ge-recht am Land verdeelen. Als Demokra-tesch Partei geet et eis dorëm, fir gläichwäerteg Liewenskonditioune fir all Awunner an alle Gemenge vum Land ze ga-rantéieren. Et ass een oppent Geheimnis, dass mir Nordlichter et méi schwéier hu wéi aner Regiounen, fir eis Fuerderungen an Uspréch no gläichwäertige Liewensbedin-gungen duerchzesetzen.

An dësem Kontext gëtt ganz oft d'Fro no där berühmterer Masse critique gestallt. Am Spidolswiesen ass dat anescht. Hei hu mer déi néideg Masse critique, hei ginn déi ak-tuell Strukturen den Uspréch gerecht. Ëm-sou méi gëllt et duerfir, an dësem Beräich d'Zukunft resolut an d'Hand ze huelen. D'Zukunftsgestaltung am Spidolswiesen ass fir eng Regioun eng grouss Erausfuer-derung a sollt vun den Acteuren aus der Re-gioun an d'Hand geholl ginn, ouni sech eppes vun uewen erof diktéieren ze loos-sen.

De Conseil d'Administration vum neie Centre Hospitalier du Nord ass deen ideale Forum, fir zesumme mat den Doktere Kon-zepter auszeschaffen. Erënnere mer dorun, dass et sech beim CHN ëm en Établissement public handelt, enger regionaler Struktur, déi bis elo vu béide Gemengen Ettelbréck a Wolz, béid Hospices civils, superviséiert gi sinn. Béid Gemenge wäerten och weiderhin am Conseil d'Administration vertruede sinn.

Wat d'Zesummesetzung vun deem Conseil d'administration betrëfft, esou ware sech engersäits d'Commission permanente pour le secteur hospitalier - déi gemengt huet, de Stat wär ënnerrepräsentéiert - an de Statsrot anerersäits net eens. Mir deelen hei ganz kloer d'Meenung vum Statsrot, dee seet, dass hei de Stat net eng iwwerdrifwe Main-mise op eng dezentral Struktur soll hunn an e Pouvoir titulaire soll ausüben, deen e bis elo a béide Strukturen net hat. Allgemeng soll de Stat sech dorop limitéieren, fir ze ku-cken, ob d'Gesetzgebung agehale gëtt, an an Zukunft misst sech d'Politik aus de Spi-deeler eraushalen. Ähnlech wéi dat bei de Schoule virgesinn ass.

Hei kënnen mer och eise Wahlprogramm zi-téieren: „Unternehmergeist in unseren Kran-kenhäusern fördern. Die Leistungsfähigkeit unseres Krankenhaussystems könnte durch eine Anpassung unserer Gesetzgebung verbessert werden, eine Gesetzgebung, die sich oftmals als zu dirigistisch, protektionis-tisch und reglementiert erweist. In der Tat üben der Staat, in Form des Gesundheits-ministeriums sowie die Nationale Gesund-heitskasse (CNS) eine Vormundschaft ge-genüber den Krankenhäusern aus, während auf der anderen Seite ein liberales Konzept besteht, charakterisiert durch die freie Be-rufsausübung für Ärzte sowie die freie Arzt-wahl für die Patienten. Die Krankenhäuser werden zwischen diesen widersprüchlichen Konzepten in die Zange genommen. Um hier Abhilfe zu schaffen, werden wir in Zu-kunft den unternehmerischen Geist der Krankenhauseinrichtungen mehr unterstüt-zen.“

Här President, a Strukturen an an Infrastruk-turen investéieren ass sécherlech eng posi-tiv Saach. Nach muss gekuckt ginn, dass d'Fusioun och eng Plus-value fir d'Patiente bréngt. Do hänkt villes vum medezinesche Konzept of. An et ass och schonn hei gesot ginn, dat medezinescht Konzept, dass mir u sech dorop waarden, dass dat soll virge-luecht ginn.

Wéi gesäit dëst konkret aus, Här Minister? Wäerten déi zwee Spideeler, déi eng dach relativ grouss Distanz vuneneen trennt, wierklech komplementar sinn?

Här President, ech mengen opgrond vun all deem, wat ech virdrun développéiert hunn, ass et fir d'DP-Fraktioun eng Selbst-verständlechkeet, dass mir dësem Projet eis Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Etgen. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Huss fir déi gréng Fraktioun.

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Merci, Här President. Wann ech am Ënnerschee-d zu menge Virriedner als Süd-Deputierten zu engem neie Spidol am Nordbezirk mech hei äusseren, dann ass dat mat Sé-cherheet net, well mäi Kolleeg Camille Gira keen Intérêt hätt un de Gesondheitsproble-mer am Norden oder well en net kompetent an deene Saache wär, dass ass alles sécher-lech net de Fall, mä ganz einfach, well bei

eis eben eng Trennung do ass: Deen, deen an der Santésopolitik zoustänneg ass, deen ass zoustänneg fir alles, wat am ganze Land geschitt, an duerfir also och fir den Norden.

» **Plusieurs voix.**- Ah!

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Ech muss awer soen, dass ech mer an dësem Projet awer souguer eng ganz kleng Iddi als Nord-Deputéierte virkommen, well ech ëm-merhin zënter 25 Joer ganz vill Zäit am Norde zitt tëschent Ettelbréck a Wolz all Joer verbréngen...

» **Plusieurs voix.**- Ah!

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**-...an doduerjer déi Géigend also och relativ gutt kennen an och schonn aus dem Stauséi esou munche Fësch erauszegunn hunn.

(Interruptions)

» **Une voix.**- Oh!

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Duerfir wëll ech mer dann trotzdeem erlaben, e puer Wieder och zu dëser Fusioun vun Et-telbréck a Wolz, zu dësem nei fusionéierte Spidol hei duerzeleeën.

Et war an eisen Aen absolut logesch, dass no deene Fusiounen, déi mer haten am Zen-trum vun eisem Land an am Süde vun eisem Land, déi och elo ofgeschloss ass, dass mer also och am Norden zu enger Fusioun vum Spidolswiese géife kommen.

An ech géif an dësem Zesummenhang na-tierlech och dem Rapporteur, dem Här Ro-main Schneider, deen hei ganz engagéiert déi ganz Problematik duergeluecht huet, villmools Merci soen, well hien am Fong zum Inhalt praktesch alles gesot huet, wat der-zou ze soe war.

Fläicht an engem Saz wëll ech just resü-méieren, wat mir dervun halen: Et ass wirk-lech e modernt Spidol do duerch déi Fu-sioun zustane komm. E Spidol, dat, wann een dat kuckt vu baussen, mä awer och vu bannen, wierklech e ganz agréabelen Am-biente huet, och schéin Zëmmeren huet, sou dass dat wierklech eng Plaz ass, wou Leit, obschonn een net gären an e Spidol geet, well ee jo da krank ass, mä ech men-gen, dass hei den Openthalt awer vum Am-biente hier an deem Spidol awer dann trotz-deem eppes ganz Positives ass.

Et ass also fir den Norde wichteg, dass dat Spidol och op zwee Standbeener awer be-stoe bleibt, dass ass ganz wichtig. Mä mer géifen - dat ass eng Suggestioun och vu mengem Kolleeg Camille Gira - eis awer eventuell erlaben, dem Minister d'Sugges-tioun ze maachen, ähnlech wéi beispillsweis am Ostbezirk dorun ze denken, ob et net sënnavoll wär, zum Beispill och am Kanton Réiden oder am Kanton Klierf Maison-médi-calen anzerichten, well awer d'Distanzen am Nordbezirk mat deene Koppen a Kéie-ren an esou viru fir d'Leit awer relativ proble-matesch sinn. Mindestens iwwerleeë misst een dat op dëser Plaz hei dierfen.

Mir sinn also als Gréng selbstverständlech och mat dëser Fusioun d'accord, mä ech géif mer awer erlaben, well et jo méiglecher-weis oder relativ sécher virun de Wahle vum 7. Juni déi leschte Kéier ass, wou mer op dëser Tribün iwwert d'Spideeler an iwwert d'Spidolswiesen hei schwätzen, e puer méi prinzipiell lwwerleungen hei awer nach iw-wert déi Spidolslandschaft lasszeginn. E puer Remarquen.

Eng éischt Remarque, fir ze soen, dass nach eng ganz Rei vu Problemer awer ze léise bleiwen, wat déi verschidde Spideeler ube-laangt, zum Beispill eng Partie Spideeler, wou nach bis elo keng Léisunge virleien, wéi am Süden zum Beispill Sainte-Marie oder och d'Zithaklinik, obschonn déi zwee Spideeler sécherlech net deeselwechte Stel-lewäert an déiselwecht Wichtigkeet hunn.

Et bleibt och nach eng zweet Remarque, fir ze soen, dass mer elo e ganz modernt Spi-dolswiesen an deene leschte Joren opge-baut hunn a jo nach solle virun opbauen, dass mir allerdéngs e ganz deiert Spidols-wiesen hunn. Wann ee kuckt, wat d'Kranke-keesen ubelaangt, solle 50% - anerer soen, wann een d'medezinesch Tarificatiounen an d'Leeschungen aberechent bis zu 70% -

am Moment d'Spideeler an den Dépensë vu Krankekeesen auslëisen. Et gëtt jo och eng Rei vun Ursaachen, eng ganz gutt apparativ Ausstattung an esou virun. A wann een dat gesäit a wann ee feststellt, datt an der Moyenne vun deene leschte Joren d'Steigerungsrat pro Joer ronn 6% dovunner ausgemaach huet, an am Moment net ze gesinn ass, wouduerjer et - am Moment - zu manner grouss Steigerungsrate kéint kommen, da muss ee sech allerdéngs um Schluss vun enger Legislaturperiod e puer Gedanken maachen.

An trotz deem deiere Spidolswiesen - dat wollt ech och hei awer ganz kuerz lassginn - geet et jo net nëmmen ëm d'Baue vun neien Infrastrukturen, et geet och ëm d'Qualitéit, dat hu mer oft genuch hei gesot. A leider ass et och esou, datt net nëmme vun der Patientevertriebung, mä och nach duerch Berichter an der Press mer ëmmer erëm op Problemer op Plazen an esou virun opmierksam gemaach ginn, virun allem um Niveau vun den Urgencen. An ech mengen an där nächster Legislaturperiod, datt dat eng grouss Prioritéit muss sinn, fir ze kucken, d'Urgencë méi rationell ze organiséieren an och besser am Intérêt vun de Leit, fir dass et zu manner laange Waardezäite kënnt an och manner Incidenten, wéi se awer ëmmer erëm an Urgencë virkommen.

D'Qualitéitskontroll an d'Transparenz bleiwen also absolut noutwendeg an och Problemer, déi mer nach an där nächster Legislaturperiod mussen ugoen.

Véiert Remarque. Et bleiwen natierlech och nach finanziell eng ganz Rei vu Saachen oppe stoen a wou mer nach gëschter driwwer diskutéiert hunn; am Süde beispillsweis, wou jo och nach eng ganz Rei vun Investisementer noutwendeg bleiwen. A wann een dat da kuckt, a wann ee gesäit, datt mer elo schonn an deene 6% Steigerungsraten an deene leschte Jore waren, da muss mer eis iwwerleeën, wat geschitt, wann an deenen nächste Joren eventuell d'Finanzkris et wäert maachen, datt et riskéiert, datt manner Suen do wäeren.

Mir haten eng Kéier an der Santéskommisioun doriwwer diskutéiert. Do war och plus ou moins e Konsens zwëschent de Parteien, datt grad d'Santéswiesen net dat dierft sinn, wou prioritär misst gespuert ginn, mä datt dann eventuell op anere Plaze misst gespuert gi grad wéi am Santéswiesen. Do huet mer virun e puer Joren en allgemenge Konsens geschéngt ze herrschen. Mä, wann et awer esou ass, datt mer an deenen nächste Jore méi finanziell Problemer am Stat selwer kréie bei Steigerungsrate vu 6%, déi mer bis elo haten, da riskéiert d'Forschett ëmmer méi auserneenzegoen an da riskéiere mer Problemer ze kréien.

An duerfir schéngt et mer och noutwendeg ze sinn - dat ass vläicht déi lescht gréisser Iwwerleeung, déi ech hei wéilt maachen -, datt mer dann awer endlech an där nächster Legislaturperiod och zu méi Synergie kommen zwëschent de Spideeler. Et kann dann net weider sinn, datt mer an deem Konkurrenzdenken zwëschent de Spideeler bleiwen, wat nach ëmmer besteet. Dat besteet nach ëmmer! An et besteet nach ëmmer, datt souguer dat eent Spidol deem aneren nach d'Dokteren ofjoe geet, an ähnleche Phenomeener. Da muss mer awer dozou kommen, datt mer méi staark Synergie maachen, fir zu méi enger rationeller Koordinatioun vun där ganzer Spidolandschaft ze kommen, an net nëmmen, datt déi Konkurrenz da méi staark muss ewechfalen a méi Synergie muss kommen, mä och méi Spezialiséierung op deenen eenzelne Siten, fir ze kucken, datt mer awer an de Limité bleiwe vun deem, wat d'Kollektivitéit bereet ass auszeginn.

Als Gréng ass et fir eis kloer, mir sinn net der Meenung, datt d'Gesondheitswiesen d'Plaz ass, wou gespuert soll ginn, wa muss gespuert ginn. Do gëtt et ganz aner Saachen, wou mer der Meenung sinn, wou kéint gespuert ginn. Mä net am Gesondheitswiesen.

Trotzdem riskéiere mer awer, wann et esou virugeet mat den Ausgaben, datt deem nächste Gesondheitsminister an déi nächst Chamber op enger Rei vu Punkten e wéineg Courage...

(Interruptions)

...muss hunn, fir eventuell dann Décisiounen ze huelen. An domadder kommen ech direkt zum Schluss, Här Gibéryen. Ech wollt just déi puer prinzipiell Remarquen do awer maachen, wat do an den nächste Joren op eis zouekomme riskéiert.

Dat gesot ass et natierlech kloer, datt hei e Projet gemaach ginn ass, dee längst iwwerfällég war, deen noutwendeg war a wou mer mengen, datt et wierklech zu enger positiver Fusioun komm ass, datt dat fir den Nordbezirk eppes ganz Wichteges ass.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Huss. Den Här Gibéryen.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, nodeem hei am Fong zwee Kolleegen, de Romain Schneider an de Jean-Paul Schaaf, déi direkt als Buergermeeschter an deem ganzen Dossier hei esou iwwer Joren dran involvéiert waren an duerfir och an allen Detailler, mengen ech, den Dossier hei verfollegt hunn a kennen, ass et ganz kloer, datt ech vun hei dem Romain Schneider als Rapporteur Merci soe fir säi gudde Rapport, deen e gemaach huet. Ech wéll awer och dem Jean-Paul Schaaf, dee sécherlech och als Buergermeeschter vun Ettelbréck vill mat un deem ganzen Dossier geschafft huet, Merci soen.

Et ass natierlech esou, wann zwee Leit, déi esou no un deem Projet hei iwwer Jore matgeschafft hunn, dann ass praktesch alles gesot, wat een zu esou engem Projet ka soen. Wann een, wéi ech och nach, aus dem Süde kënnt - de Kolleeg Huss verbréngt d'Weekender, wéi en awer alt gesot huet, do uewen am Éislek -, sinn ech alt frou, datt mäi Frënd, de Kolleeg Jean-Pierre Koepp, mech e bësse gebrieft huet iwwert dëse Projet. Well et war de Jean-Pierre Koepp, dee gesot huet, datt en net méi geduecht hätt, datt en an deenen 20 Joer, wou en an der Chamber wier, elo nach d'Chance kréich, fir dëse Projet awer matzestëmmen. Wou e frou ass, datt dee gestëmmt gëtt. En huet eis och gesot e wier nach méi frou gewiescht, wa mer et fäerdeg bruecht hätten och nach e Projet ze stëmmen, deen d'Spidol vu Wolz och nach géif restauréieren an erneieren. Mä dat wäert jo dann an dëser Legislaturperiod net méi de Fall sinn.

Déi Fusioun, déi mer hei maachen tëschent der Klinik Saint-Louis vun Ettelbréck an der Klinik Saint-Joseph vu Wolz, andeem mer se an en neien Établissement public mam Numm Centre Hospitalier du Nord areien, reit sech am Fong an déi Politik, déi mer iwwer eng Rei vu Joren hei, géif ech soen, am Land maachen am Kader vun enger Reorganisatioun vun eise Spidolstrukturen an. Et ass net déi éischt Fusioun, déi mer maachen. Et huet sech iwwerall do, wou mer déi Fusiounen hei am Land gemaach hunn, erweisen, datt dat dee richtege Wee war, fir eng optimal medezinesch Betreierung flächendeckend hei kënnen am Land ze garantéieren.

D'Zil muss et sinn, datt mer flächendeckend hei am Land eng medezinesch Betreierung kënnen garantéieren. A virun allem och, esou wéi mer et oft heibannen diskutéieren, datt mer staatlech Verwaltunge mussen dezentraliséieren, datt déi sech och am ländleche Raum kënnen niddërloossen, esou ass et awer a priori eng Selbstverständlechkeet, datt dës Infrastruktur queesch duerch d'Land ze fanne sinn.

Et ass duerfir, wa mer esou eng Fusioun maachen, och eng Garantie, datt mer an Zukunft am nördlechen Deel vun eisem Land elo eben déi medezinesch Betreierung kënnen garantéieren an ubidden, déi ee modernt Land senge Bierger muss bidden.

Et ass eng regional Bedeitung fir déi Leit, déi do wunnen. Et ass och eng Bedeitung, eng Opwäertung fir déi Regioun, dat weider Leit sech och kënnen an där Géigend niddërloossen. Well d'Leit, wa se haut an zwousch wunne ginn - Familljen -, kucke selbstverständlech no allen Infrastrukturen, déi sech an där Géigend ubidden; net nëmmen no de schouleschen oder Kannerbetreierungsstrukturen, mä och déi gesondheetlech Versuergung, déi an där Regioun do ugebuede gëtt.

Mir hunn elo hei och Aarbechtsplaze garantéiert. Och dat ass wichteg. An de Kolleeg Jean-Paul Schaaf huet eis och hei Zuele gesot vun de Leit, déi hei am Land wunne respektiv schaffen, esou datt mer also och gesinn, datt dat e wichtege Faktor op deem Gebitt ass, datt mer also och vill Leit kënnen do beschäftegen. Wa mer d'Leit och do beschäftegt hunn, da gi se dohinner wunnen oder si bleiwen do wunnen. Alles dat ass wichteg fir d'Liewen an enger Regioun.

Mir sinn duerfir ganz frou, datt mer haut kënnen och dësem Projet zoustëmmen. Et ass e wichtege Projet an der medezinescher Betreierung, dee mer hei am Land hunn. Mir hu scho vill där Projekte gestëmmt a mer sinn eis parteiwwergräifend an deene leschte Joren ëmmer eens gewiescht, an déi Richtung do ze goen. Esou wéi an der Vergaangenheet wäert och dëse Projet sécherlech d'Zoustëmmung vun alle Fraktiounen hei am Parlament fannen.

Ech soen lech duerfir Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Den Ofschloss vun der Debatt ass d'Interventioun vum Här Gesondheitsminister.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, de Bericht-erstatte, de Romain Schneider, an de Jean-Paul Schaaf, déi de Projet aus dem Effe kennen, hu mer d'Saach eigentlech ganz einfach gemaach. Ech kéint elo soen: Bravo alleguer. Dir hutt super geschafft an elo stëmme mer.

» **Une voix.** - Très bien!

(Hilarité)

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Well mer hunn zesummen ee ganz laange Wee hannerun eis. A wann ech nach esou zrëckdenken a wat fir engem Klima dass mer ugefaangen hunn an a wat fir engem Klima dass mer eise gemeinsame Bëbee elo op d'Welt setzen, dann ass dat eng formidabel Evoluitioun.

Well viru gutt véier an engem hallwe Joer war déi Iddi schonn am Raum. Et ass richteg gesot ginn, dass mäi Virgänger de Carlo Wagner och schonn dru geduecht huet, fir an déi dote Richtung ze goen. Mä et muss een awer soen, dass, wéi mer ugefaangen hunn, d'Haaptaktivitéit sech dorop konzentriert huet, fir Argumenter ze sichen, fir eppes net brauchen ze maachen, an dass mer am Laf vun der Zäit no an no Weeër gesicht hunn, fir et kënnen ze maachen.

Wien eppes wëllt, dee fënnt Weeër, a wien eppes net wëllt, dee fënnt Excusen an Argumenter. Et ass eng formidabel...

(Interruption)

Ech menge mir si Volleksverrieder, Här Wolter.

» **Une voix.** - Mir och!

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Mir sinn alleguer Volleksverrieder. Mir sollen och mat de Leit...

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Ech wollt lech an d'Ae kucken, mä Dir gitt ëmmer op d'Tribün.

(Hilarité)

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Mä do si ganz sympathesch Leit; woubäi ech net wéll soen, dass Dir onsympathesch sidd.

(Brouhaha)

» **M. le Président.** - Här Di Bartolomeo, loosst lech net ofbréngen vun Ärer Ried.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Mir hunn also e wäite Wee hannerun eis. Elo huele mer dee leschten Ulaf, fir e wichtege Projet kënnen an d'Dréchent ze bréngen. E Projet, deen eng ganz staark Symbolik huet, well e weist, dass déi Regioun zesummewiisst, an e weist, dass déi politesch Verantwortlech an déi Verantwortlech um Terrain net nëmme vum Patient am Mëttelpunkt schwätzen, mä duerch hiert Handeln erlaben, dass de Patient an de Mëttelpunkt kënnt.

Ech soen dat esou wéi ech dat denken: Dat verdéngt Unerkennung. Dat verdéngt Respekt fir dee Courage an déi Wäitsicht, déi bewise gëtt, a fir déi Bereitschaft, fir iwwert den eegene Schiet ze sprangen. Well esou den bleiwen, wéi een ass, ass vläicht heiansdo deen einfachste Wee, mä et ass awer net onbedéngt dee richtege Wee. Hei gëtt ganz kloer dee richtege Wee ageschloen doduerch, dass Kompetenzen zesummegeluecht ginn an doduerch, dass een deem aneren hëlleft, fir kënnen dat Ugebuet ze bréngen, wat d'Leit aus dem Norde brauchen.

E fuschneit Spidol, e schéint Spidol, e performant Spidol an e Spidol, dat am Émbroch ass, wuessen zesummen. Mir kënnen déi schwéier Aktivitéite konzentriéieren a mir kënnen d'Proximitéit mat deene Servicer, déi ënner exzellente Konditiounen kënnen fonctionnéieren, op dat zweet Standbeen

setzen. Mir ginn domat e wichtegt Signal fir d'Regioun. Mir sécheren ee Standuert definitiv of. A mer ginn engem voll ausgelaaschten anere Standuert nei Perspektiven an der Zesummenaarbecht mat deem aneren Haus.

Ech soen also, dass et eng richtig Décisioun ass, déi och nach Suité wäert hunn, well mer an deem nächsten oder iwwernächste Conseil de Gouvernement eng Rei vun Investitiounsprojeten am Spidolsecteur wäerte begutachten. Dorënner ass d'Zitha-Klinik. An dorënner ass och d'Moderniséierung vum Wëlzer Standbeen, vum Centre Hospitalier du Nord. Dat heescht, mir halen eis un deen Timing, dee mer zesummen ausgemaach hunn.

Et ass eng weider Etapp an der Reorganisatioun vun eiser Spidollandschaft, wou ech wéll drop insistéieren, dass och op anere Plazen deeselwechte Courage bewise ginn ass. Ech wéll drun erënneren, dass am Süden de CHEM aus den Haiser vun Esch, Diddeleng an Nidderkuer entstanen ass, an dat och net ouni Tréine gaangen ass, well esou eng Fusioun ass ni einfach.

An ech wéll och nach eng Kéier dorop hiweisen, dass en anert Spidol, wou haut net méi mat enger Fusioun identifizéiert ass, awer d'Fruucht ass vun enger Fusioun: dat ass d'Spidol vum Kierchbiérg. Dat ass déi richtig Ausrichtung, an ech deele mer ganz gär déi Approche vu Fusiounen a Synergie mat mengem Virgänger a mat de Virgänger vu mengem Virgänger, well déi alleguer an déiselwecht Richtung eragaange sinn.

Ech sinn der Meenung, dass dat eng exzellent Saach ass, an ech hätt eigentlech och dem Spätzekandidat vun der DP aus dem Norde geroden, bei enger ganz gudder Saach net nach Argumenter ze sichen, firwat dass et awer net gradesou eng gutt Saach dierf sinn. Dat hei ass eng gutt Saach ohne Wenn und Aber, an et soll een heiansdo iwwer säi parteipolitesche Schiet ewechsprangen, fir dat esou kloer ze soen.

Ech zécken net, fir Mérité mat anere Kolleegen ze deelen, och wa se an enger anerer Partei sinn, an ech géif och anere roden, just an dëser Zäit e bësse vun deem kënschtlechen Trennstréch ewechzekommen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **Une autre voix.** - Très bien! Dir sidd e gudde Minister!

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Jo, Merci.

(Hilarité)

Ech wéll d'Chamber net méi laang ophalen...

» **Plusieurs voix.** - Ah!

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - ...duerch wäit Exkursen a wéll just soen, dass mer an deene leschten zéng Joer ronn 700 Milliounen an d'Moderniséierung vum Spidolsecteur investéiert hunn, dass mer an deenen nächsten zéng Joer nach eng Kéier eng gutt hallef Milliard mussen investéieren, fir de Spidolsecteur op dee leschte Stand ze bréngen. Dann hu mer infrastrukturell all dat, wat mer brauchen.

Mä domat geet et net duer, an dat wëssen d'Leit aus dem Spidolsecteur, besonnesch da wann d'Mëttelen - an do sinn ech mam Här Huss d'accord - méi enk ginn, da muss mer fir déi noutwendeg Effizienz, fir déi noutwendeg Dokumentatioun vun der Qualitéit suergen. Mir mussen Aufgaben-deelung maachen, mer mussen Kompetenz-zentren zesumme maachen, well mer an der Vergaangenheet bewisen hunn, dass mer ëmmer dann, wa mer Kompetenzen zesummeleeën, Spëtz, absolut Spëtz kënnen sinn.

Ech kann lech d'Beispiller vum INCCI, vum Centre Baclesse, vum Rehazenter ginn, fir dat ze dokumentéieren, an dat ass de richtege Wee, wou mer an Zukunft mussen eragoen.

An dann zum Schluss wéll ech lech soen, dat mer d'Datum vun dem 23., also vu gëschter, deen neie Plan hospitalier veröfentlecht hunn, dee fir déi nächst puer Jore gëllt, dat net eng Fortschreiwung ass vum leschte Plan hospitalier, jo, och dorop opbaut, mä doniewent de Virage ambulatoire wëllt promovéieren. Iwwregens, an der Regioun Norden wéi an deenen anere Regiounen gëtt et ganz vill Potenzial fir d'Hospitalisatioun respektiv d'Bettstrukturen ze entlaaschten doduerch, dass mir méi staark op dat Ambulatoirt zrëckgräifen. An alle Regiounen ass déi Aktivitéit ënnerentwéckelt, op där enger Regioun méi, op där anerer manner, mä mer mussen doragoen.

An deem neie Plan hospitalier gëtt de Konzept vu Kompetenzzentren verstärkt. A we-

sentlech als Neierung vis-à-vis vun anere Plans hospitaliers kritt de Plan hospitalier e Kapitel Qualitéitssécherung, Opbau vu Strukturen um regionalen, lokalen an um nationale Plang, déi eis definitiv an eng Qualitéitssécherungsapproche erabréngen.

Gëschter ware mer zesumme mam Informatikstrupp, dee sech ëm d'Spideeler këmmert. Eng vun deenen nächsten Erausforderungen ass, dass mer eis d'Moyenë gi fir Aktivitéiten, Resultater a Qualitéit ze moossen. Do si mer nach e bëssen ënnerentwéckelt, mä dat gëtt eng vun den Haapterausforderungen, wou d'Haiser sech mussen dorop astellen an deenen nächste Joren, an do wäerte mer net zécke fir dat duerchzesetzen - fir déi, déi de Message nach net kapéiert hunn.

An deem Sënn wëll ech dem Centre Hospitalier du Nord, eisem neie regionale Spidolszentrum déi beschte Wënsch fir d'Zukunft iwwermëttelen an lech alleguer Merci soen, dass Der esou konstruktiv matgeschafft hutt.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum Vote vun dësem Gesetz.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Quorum ass erreecht. Vote par procuration.

(Brouhaha général)

Et feelen der awer nach eng Rei.

Voilà! De Projet de loi 5927 ass bei kenger Géigestëmm a kenger Abstentioun mat 56 Jo-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement (par M. Michel Wolter), Mmes Christine Doerner (par M. Lucien Thiel), Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Marc Spautz), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco

Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Romain Schneider), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par Mme Lydie Err), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. John Castegnaro), Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);

MM. Eugène Berger (par Mme Colette Flesch), Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss et Henri Kox (par M. Jean Huss);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten. Mir gesinn eis erëm muer de Mëttag um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.06 heures)

SÉANCE 38

Présidence: **M. Lucien Weiler, Président**
M. Jos Scheuer, Vice-Président • Mme Colette Flesch, Vice-Président • M. Laurent Mosar, Vice-Président

Sommaire

- Déclaration de M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération et d'action humanitaire suivie d'un débat
 - M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire
 - Débat: Mme Fabienne Gaul, M. Charles Goerens, M. Marc Angel, M. Félix Braz (déposant deux motions et une résolution), M. Jacques-Yves Henckes, M. Aly Jaerling, Mme Lydie Err
- Dépôt d'une proposition de loi
 - Mme Lydie Err
- Déclaration de M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération et d'action humanitaire suivie d'un débat (suite)
 - Débat (suite): Mme Lydie Err, M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire (à qui M. Marc Angel pose une question)
 - Motion 1: M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, M. Félix Braz (motion gardée en suspens)
 - Motion 2: adoptée
 - Résolution 1: M. Jos Scheuer, M. Charles Goerens, M. Ben Fayot, M. Félix Braz, M. Jos Scheuer, M. Ben Fayot, M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, M. Jacques-Yves Henckes, M. Norbert Hauptert, M. Félix Braz (répondant à M. Ben Fayot) (résolution retirée)
- 5938 - Projet de loi portant réglementation des compensations et rémunérations en faveur du personnel militaire de carrière pour sa participation aux entraînements et instructions militaires ainsi qu'au service de garde
 - Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marcel Glesener
 - Discussion générale: M. Charles Goerens, M. Ben Fayot, M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Interpellation de M. Eugène Berger au sujet de la politique du Gouvernement en matière d'amélioration des performances énergétiques des bâtiments d'habitation
 - Exposé: M. Eugène Berger
 - Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Roger Negri, M. Henri Kox, M. Robert Mehlen, M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur (à qui répond M. Eugène Berger), M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement (répond à M. Eugène Berger), M. François Bausch (à qui M. Lucien Lux pose des questions), M. Eugène Berger, M. Henri Kox, M. Ben Fayot, M. le Président, M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Jeannot Krecké, Lucien Lux et Jean-Louis Schiltz, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

» **M. le Président.** - D'Sitzung ass op.

Här Minister Schiltz, huet d'Regierung, déi Der hei vertritt, der Chamber iergendeppes matzedeelen?

» **M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Neen, Här President.

» **M. le Président.** - Da komme mer direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass d'Deklaratioun vum Här Kooperatounsminister Jean-Louis Schiltz iwwert d'Entwécklungshëllef. Duerno féiere mer d'Debatt doriwwer. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Gaul, den Här Goerens, den Här Angel, den Här Braz, den Här Henckes an d'Madame Err. D'Wuert

huet elo den zoustänneg Minister, den Här Jean-Louis Schiltz.

1. Déclaration de M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération et d'action humanitaire suivie d'un débat

» **M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech lech hei soen, datt et der Welt, an där mer liewen, net gutt geet, da soen ech lech eigentlech näischt Neies. Wann ech lech soen, datt et der Entwécklungswelt och net gutt geet, dann ass dat och näischt Neies, mä dann ass dat eng Fro, déi an deem Plenum hei säit dem Ufank vun der Kris net thematiséiert ginn ass, och wa se an der Kommissioun thematiséiert ginn ass. Duerfir, Här President, wëll ech se haut hei am Plenum thematiséieren.

Kaum een erënnert sech haut nach drun, datt am Ufank 2008 déi meeschten Entwécklungslänner mat enger Liewensmëttelkris konfrontéiert waren. Kaum een erënnert sech, datt et deemools op Haiti zu Affrontementer komm ass an datt och a Partnerlänner vun der Lëtzebuerger Kooperatioun d'Leit op d'Strooss gaange sinn. Déi Kris ass net hanner eis, mir kämpfen haut nach mat de Konsequenzen. Virum Hannergrond vun, wéi ech mengen, temporär méi niddrege Pétrolspräisser, erënnert och kaum ee sech un den Impakt vun deenen héije Pétrolspräisser op d'Entwécklungslänner an d'Mënschen, déi an hinne liewen.

Mir sinn, Här President, matzen an enger Klimakris. De leschte Weekend krute mer an Erënnerung geruff, datt eis och eng kräfteg Waasserkris an d'Haus riskéiert ze stoen. Wann ee weess, datt um Horizont 2030 ee vun zwee Mënschen dem Risiko ausesat ass, kee proppert Waasser ze hunn, da muss dat engem ze denke ginn an da muss mer och an deem Beräich agéieren.

D'Finanzkris, Här President, ass an aller Mond. D'Wirtschaftskris ass wéi eng Spann amgang hiert Netz auszebreen. A kaum een, jo guer keen, bréngt et fäerdeg sech aus de Klaue vun deem Netz ze befreien. A wann een ee Moment um Ufank vun där Kris konnt d'Hoffnung hunn, datt se géif e bësse laanscht d'Entwécklungslänner goen, da si mer entre-temps enges Bessere beléiert ginn.

Haut scho sinn 100 Milliounen Mënsche méi an d'Aarmut verfall weinst där Kris. Déi komme bei déi 150 Milliounen derbäi, déi an d'Aarmut verfall sinn, als Konsequenz vun där Liewensmëttelkris, vun där ech virdu geschwat hunn. Déi blank Zuelen - dat muss ee wëssen - verstoppen 250 Milliounen individuell Schicksaler vu Mënschen hannert där Kontabilitéit, déi dat, wat amgang ass do ze geschéien, zum Ausdrock bréngt.

Bei enger Weltbevölkerung vu 6 Milliarden hate mer der 850 Milliounen, déi an extremer Aarmut hu misse liewen. Haut si mer bei 1,1 Milliarden. Wéi wann dat net géif duergoen, riskéieren duerch d'Kris bis zu 400.000 Kanner méi pro Joer ze stierwen. Dat sinn der net vill manner wéi d'ganz Populatioun vun eisem Land. Dat sinn der 1.100 den Dag. Dat sinn der 45 d'Stonn. Dat ass all 80 Sekonnen eent. All Commentaire, wat d'Dramatik vun deenen Zuelen ubelaangt, eriwwegt sech wuel.

Här President, dernieft sinn d'Präisser vun de Matière-première amgang massiv ze falen, säit zwielf Méint. Beispill an der Mongolei: De Kofferpräis, wat d'Haaptexport-Matière-première ass, ass duerch dräi gedeelt ginn an deene leschte Méint. D'Exporter vun den Entwécklungslänner ginn och massiv erof, ebe well keng international Demande do ass.

D'auslännesch Investissementer an den Entwécklungslänner ginn op Äis geluecht. Minus 20% bis dato. Déi lescht Previsiounen soen: minus 25% dëst Joer.

D'Croissance an den Entwécklungslänner gëtt gebremst vu 5,4% am Joer 2008 op grad 3% am Joer 2009. Tendenz: weiderhin negativ. Wann een den Zuele vum FMI ka Glawe schenken, da wäert déi drëtt Well vun där Kris d'Entwécklungslänner voll erfaassen. Den FMI berechent déi Fongen, déi an der Urgence néideg sinn, op eng Forschett zwëschent 25 Milliarden an 140 Milliarden a Fonctioun vun dem Zeenario, an deem mer eis placéieren.

D'Transferte vun den Immigrante gi katas-trophal an de Keller. Migranten, déi an Europa an op anere Plazen an der sougenannter entwéckelter Welt liewen, schécke manner Suen heem, well si zu deene Schwächsten an eise Gesellschaften gehéieren an och hei vun der Kris betraff sinn. Par ricochet ginn dann och déi, déi hinnen nostinn, an hiren Heemechte betraff a getraff.

Wat heescht dat fir d'Entwécklungshëllef? Wat heescht dat fir d'Entwécklungswelt?

Dat heescht, éischstens, Här President, datt d'Erausfuering nach méi grouss ass, an datt mer d'Saachen nach besser musse maachen an deenen nächste Joren, wéi an deene vergaangenen.

Dat heescht, zweetens, datt et net ka sinn - virun deem Hannergrond -, datt d'Entwécklungsbudgeten elo massiv géifen zréckgeschrafft ginn.

Dat heescht och drëttens a virun allem, datt et méi wéi jee drëm geet, datt déi Engagementer, déi geholl gi sinn, respektéiert ginn; Stéchwuert 0,7 2015.

De Risiko, datt déi international Solidaritéit sech wäert entflechten, datt se wäert zerbréckelen, ass reell - nom Motto „jiddweree fir sech“. Dogéint, Här President, muss mer ukämpfen. Et kann net sinn, datt mer elo, wou et eis säit Kuerzem manner gutt